



teieren a soen, dass ech natierlech gutt nogelauschtert hunn, wat alles gesot ginn ass. Ech géif gärén e bësse bedauern, dass d'Debatt esou eesäiteg geet, well een en fait déi eng Säit huet, déi hannert dem Projet steet, an d'Opposition en fait kee gréngen Zweig a kee gutt Hoer méi an deem Budget gesäit! Dat hëlleft natierlech net, fir gemeinsam Léisungen ze fannen. Wéi gesot, ech bedauern dat. Et ass eben e Fait.

Ech wëilt awer fir d'Éischt gärén, als éischte Punkt, iwwert d'Wirtschaft schwätzen. Mir sinn an enger ganz paradoxaler Situatioun, schéngt et mer, an dësem Land. Amplaz dass mer eis freeën, dass eis Wirtschaft méi wéi 3% wiisst, wou ee sech jo kéint erwaarden, dass wierklech all Mënsch dozou kéint positiv Stellung huelen, neen, da gëtt sech drop beharrt, dass déi Zifferen ze vill optimistesesch sinn, dass d'Zukunft grujelech ass, dass alles ka schifgoen, dass a China et Biergof geet.

Alles dat hunn ech och an der Budgetsried ugedeit an et steet alles am Exposé des motifs. Mä kommt, mir sinn dach realistesch! Kommt, mir freeën eis, dass d'Vertrauen an den Entrepreneuren erëm no uewe kuckt, dass eis Kompetitivitéit erëm besser gëtt! Den Alex Bodry huet gëschter gesot, am IMD si mer déi sechskompetitivst Économie. Ma da kommt, mir klappen doriwwer dann an d'Hänn a mir ginn e Message no baussen eraus, dee positiv ass! Dat kann dach kengem schueden!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Une voix.** - Ganz gutt!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - An dann, jo, ech freeë mech, dass mer déi Debatt iwwert d'Durabilitéit, iwwert d'Nohaltegkeet vun eiser Croissance haten. An ech mengen, mir sinn eis och do all eens, dass mer gär qualitativ Croissance hunn. Ma da kommt, mir soen dat a mir schaffen drop!

An, wann et konjunkturméisseg gutt geet, dann därft een op där enger Säit net als Regierung soen: „Dat ass alles mäi Mérite“, dat wär näamlech och iwwerdrifwen, mä da kann een awer och op där anerer Säit, als Opposition, net soen: „Domat huet d'Regierung iwwerhaupt näischt ze dinn!“! Well wann et schlecht geet, da gëtt natierlech mam Fanger vun der Opposition op d'Regierung gewisen, dass et d'Schold vun der Regierung ass. Kommt, mir fannen eis dach och do enzwousch an der Mëtt!

Wa mir zu Lëtzebuerg elo déi héchst Investismenten hunn, déi mer jee haten, majo dat ënnerstëtzt dach d'Ekonomie! Dat ass dach eng Evidenz! Dat ass awer net deen eenzege Mérite, firwat eis Économie wiisst. Dofir, op deem Punkt, kommt, mir freeën eis drop, dass eis Wirtschaft gutt geet! A kommt, mir hoffen, dass mat deene Mesuren, déi mer huelen, a mat dem Esprit d'entreprise vun eise Gesellschaften eist Land no vir geet!

Zweete Punkt: den europäesche Kader - den europäesche Kader an d'Roll vun der Europäescher Kommissioun. D'Europäesch Kommissioun ass „le gardien des traités“. De Gardien des traités! Si ass déi, déi d'Dispositione vum Traité ëmsetzt, déi kontrolléiert, dass d'Länner d'Regelen anhalen. A mir stelle jo fest, dass mer a Steiersaache jo net esou impeccabel dostinn a vun der Kommissioun jo do verfollegt ginn; do muss sech nach erausstellen, ob mer déi Affären, déi eng, wannen oder net, a mir hu jo och elo rezent eng verluer. An dann ze mengen, dass d'Kommissioun Lëtzebuerg géif gréng Luucht ginn an an déi bescht Kategorie setzen, nëmme fir der Regierung e Gefalen ze maachen, dat ass dach einfach net kredibel!

Wann d'Opposition seet, dass eis Zifferen net stëmmen - do schéngt bei eis am Budget iwwerhaupt keng Ziffer méi ze stëmmen! -, mengt Dir da wierklech, dass d'Europäesch Kommissioun dat géif duerchgoe loosse? Ouni Diëse an ouni Bémol einfach géif soen: „Lëtzebuerg, et ass alles an der Rei“, wann et esou wär, wéi d'Opposition et hei beschreift? Ma natierlech net! An ech sëtze jo am ECOFIN. An ech gesinn, wat déi aner Länner alles erzielt kréien, déi, déi net an der beschter Kategorie sinn. A souguer déi, déi an der beschter Kategorie sinn, wou alles, den Niveau vun de Finanzen an der Rei ass, kréien nawell Remarquë gemaach, wa Saachen net richtig kontabiliséiert ginn oder net richtig gemaach ginn. Et ass..., mir si bestëmmt net perfekt, kee Mënsch ass perfekt, mä an Zweifel ze setzen, dass souguer d'Kommissioun, déi den Arbitter ass, hir Roll net spillt, ass net kredibel!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech wëll just awer d'Remarque maachen, Här Gramegna, datt net nëmme d'Opposition, mä och d'Banque centrale, och de Conseil national des finances publiques an och d'Cour des Comptes datselwecht soen.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Jo, also déi schreiwen hir Avisen, dat

ass hiert gutt Recht! Dat ass hiert gutt Recht!

(**Brouhaha**)

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Déi sinn all darselwechter Meenung, just Dir hutt eng aner!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Nee, nee, nee, nee, nee!

(**Brouhaha**)

Nee, nee, nee, nee, nee! Mir hu jo gesinn an den Avisen, ech hunn dat och a menger Ried jo gutt ënnerstrach, wéi déi eng fannen, dass mer ze wäit ginn am Spueren, an déi aner fannen, dass mer vill méi missten ausginn! Dat ass normal. Jiddweree vertritt seng Meenung, an dat ass säi gutt Recht. Mä d'Kommissioun ass net do, fir eng Meenung ze verrieden, d'Kommissioun ass de Gardien des traités!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - D'Zifferen 2014, Här Wiseler, vu dass Der mech direkt ugeschwat hutt,...

(**Interruption**)

D'Zifferen 2014...

(**Interruptions**)

D'Zifferen, Här Wiseler...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Finanzminister, loosst lech net ënnerbrieche!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - D'Ziffer vum 2014 hat d'Opposition jo och immens kritiséiert, dass déi net richtig wäeren. Genau d'selwecht wéi dëst Joer! A wat ass erauskomm? Eng Punktlandung vum Budget hu mer gemaach! Eng Punktlandung, genau do si mer gelant, wou mer gesot haten, souguer nach liicht besser! An 2015 wäert et och relativ no bei de Previsiounen sinn. An et wäert och besser ofschneiden. An Dir wäert gesinn, 2016 geet et och esou!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Da kuckt awer just déi eenzel Budgetartikelen, ob Der do och op deene groussen Aggregater iwwerall d'selwecht gelant sidd!

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Mir kënnen och vill vun deene leschte Joren...

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Neen, also wierklech, wann ech d'Previsiounen...

(**Brouhaha**)

Wann ech gesinn, wéi prezis de Budget 2014 ëmgesat ginn ass, a wann ech do d'Kurbe kucken, vu wou mer hierkommen, also, d'Fakte schwätzen an d'Ziffer schwätze vum selwen!

Zur Dette: Zur Dette kréien ech gesot vun deenen, déi d'Dette verdräifacht hunn - verdräifacht hunn an de leschte fënnef Joer! -, do kréien ech gesot, dass misst méi gemaach ginn. Jo, mir halen eis un dat, wat mer sprach hunn, dass mer déi Dette géife stabiliséieren! An dat maache mer, a mir si wäit ënner den 30%, déi mer eis als Zil ginn hunn, par rapport zum PIB. Mir halen eis un dat, wat mer gesot hunn! An ech verstinn net, ech verstinn einfach net, dass déi, déi en fait de Contraire gemaach hu vun deem, wat mir gemaach hunn, dat heescht déi Spiral ophalen, dann eis de Virwurf maachen, dass mer net genuch maachen! Mä wann Der erëm eng Kéier un d'Rei kommt, da kënnt Der dat jo maachen!

(**Interruptions**)

An da gesi mer et!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - An da kënnt Dir kritiséieren.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Richtig!

Da kréie mer gesot...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - An da sëtzt Der erëm bei eis!

(**Hilarité générale**)

► **Une voix.** - Jo, well Dir sëtzt jo op darselwechter Plaz!

(**Hilarité générale et interruptions diverses**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Finanzminister, schwätzt e Machtwuert!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Wann ech gelift! Wann ech gelift! Mir kréien dann och gesot - den Zukunftspak war jo och net positiv begréisst gi vun der Opposition -, an elo kréie mer gesot - dee souwisou vun lech rejjéiert ginn ass -, e géif net ganz applizéiert ginn an et misst een nach méi wäit am Spuere goen. An dat Ganzt natierlech ouni Géigepropositionen!

Véierte Punkt: den Defizit. Mir hunn den Defizit an zwee Joer halbéiert! Do kann ee soen, dat wär vläicht nach net immens ambitiéis. Ech soen lech: Dat war ganz schwéier ze errechen! A firwat war et schwéier ze errechen? Majo,

well mer dëst Joer méi wéi eng hallef Milliard Recette TVA électronique (veuillez lire: vun der TVA vum Commerce électronique) net méi hunn! An trotzdem halbéiere mer den Defizit. Fir dann...

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Wat sot Der dann dozou?

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - ...dat Wuert TVA vum Commerce électronique nëmme eng Kéier an de Mond ze huelen, fir dann ze soen, mir missten d'Recettë vun der TVA électronique dëst Joer an de Fonds souverain setzen, ech fannen, dat ass inakzeptabel!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(**Interruptions**)

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech wëll lech just soen, datt Der momentan an de Fonds souverain...

(**Protestations**)

...Suen drasetzt, déi Der aus Schold huet! An da sot mer just, wat et fir e Sënn huet, fir dat ze maachen!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Ech wëll soen: „TVA Commerce électronique“, dat Wuert ass soigneusement éviéiert ginn. An ech wëll et dofir wierklech ënnersträichen: Mir halbéieren den Defizit, trotzdem dass mer dëst Joer méi wéi eng hallef Milliard Euro um Commerce électronique verléieren! An dat war säit 2007 bekannt!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech wëll lech just soen, datt d'Konjunktur gewiesselt huet an Zwëschenzäit. Dat kënnt Der och net...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hu bis elo ëmmer d'Riedner ausschwätze gelooss...

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Jo!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - ...a mir fueren och esou weider!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - An ech hunn och...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift also, Här...

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Ech hunn och iwwerhaupt keen ënnerbrach déi ganz Zäit!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Finanzminister, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - A maacht keng esou laang Pausen!

(**Hilarité générale**)

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Soll ech emol e Glas Waasser drénken?

(**Hilarité**)

Ech sinn awer scho bal um Schluss vu menger Ried.

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Schued, ne? Also, mir halbéieren den Defizit an trotzdem hu mer e soziaalt Netz a sozial Leeschtungen, déi am Ausland hiresgläiche sichen.

Mäi fënnefte Punkt, zur Steuerreform: Et ass ganz richtig, wat e puer Leit gesot hunn, dass mer net vill Sputt hunn. Dat ass ganz richtig! An dofir hunn ech als Finanzminister - an d'Regierung och - net wëllen, eng Ziffer an de Raum ze setzen, eng abstrakt Ziffer, un där ee sech misst orientéieren. Dat ass näamlech virun de Won sprangen. Mir musse fir d'Éischt d'Mesurë selektiv kucken, déi mer wëllen unhuelen an där Steuerreform. An dann, wann ee sech eens ass iwwert d'Substanz, iwwert déi Mesuren, déi ee wëllt huelen, da kuckt een, op wat fir engem Niveau een dat kann ajustéieren, an dann huet een e Montant!

A fir da Mesuren ze proposéieren ouni Géigefinanzéierung, ass ze vill einfach. Vun der Säit vun der Opposition si Virschléi komm, dass ee soll 800 Milliounen Euro Steuererlichterung maachen, ouni sech d'Fro ze stellen, wéi een dat da soll ronn kréie mam Pacte de stabilité et de croissance. Ech verstinn dat net!

► **Une voix.** - Onverantwortlech!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - D'Finanze mussen nohalteg sinn, dat ass ganz richtig an de Rapporten huet dat dëst Joer zu Recht - zu Recht! - ënnerstrach a mat ville gudden Tableaun ënnermoolt.

(**Brouhaha**)

An d'Regierung wäert och weider derfir suergen, dass eis Finanzen gesond sinn, dass se sech

weider verbessern an dass eist soziaalt Netz esou gutt bleift, dass d'Ausland et enviéiert.

Ech soen lech Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Très bien, Här Minister!

(**Brouhaha général**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dat war wéi an der Finanzkommissioun op d'Fro geäntwert, dat do! Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Regierung. Domat si mer virleefeg um Enn vun der...

(**Interruptions**)

...Diskussioun iwwert de Statsbudget 2016 an iwwert déi pluriannuel Finanzplanung ukomm. Ier mer awer zum Vott iwwert de Budget an iwwert d'Programmation iwwerginn, komme mer nach zum Projet de loi 6838 iwwert d'Statskonte vum Joer 2014 an zu der Resolution vun de Konte vum Mediateur fir d'Joer 2014.

Zum Projet 6838, also de Konten 2014, huet elo direkt d'Madamm Rapportrice d'Wuert, d'Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

### 3. 6838 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2014

**Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire**

► **Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice.** - Här President, Dir Damm an Dir Härén, haut huele mir d'Statskonte vum Joer 2014 un. D'Joer 2014 war e speziell Joer, well déi éischt véier Méint déi deemoleg nei Regierung op der Basis vun den Douzièmes provisoires geschafft huet, déi mam Gesetz vum 20. Dezember 2013 ugeholl goufen. De Budget fir d'Joer 2014 gouf den 29. Abrëll 2014 ugeholl.

De Compte général vum Exercice 2014 gouf eréischt de 17. August 2015 an der Chamber déposéiert. Op der Basis vum Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert de Statsbudget, d'Statskontabilitéit an d'Statstrésorerie hätt de Compte général awer misse spéitstens den 31. Mee déposéiert gi sinn. Laut dem Finanzminister erkläert sech dës Verspéidung duerch de Gehälteraccord an der öffentliche Verwaltung, dee sech ënner anerem och op d'Joer 2014 bezunn huet.

Zu den Eckdate vun eiser Wirtschaft ass Folgendes ze soen: Bei der Opstellung vum Budget fir d'Joer 2014 war d'Regierung vun engem Wuesstum vun 3,2% vum Bruttoinlandsprodukt ausgaangen. Tatsächlech hate mer e Wuesstum vu 4,1%. D'Inflation war mat 0,6% méi niddreg wéi déi erwaarten 1,5%. De Beschäftigungstaux ass ëm 2,6% geklommen an trotzdem louch de Chômage am Duerchschnitt bei 7,1% fir 2014. An dësem wirtschaftlechen Ëmfeld huet de Kont 2014 mat engem Defizit vun 142,35 Milliounen Euro ofgeschloss. Dat sinn 29,75 Milliounen Euro manner wéi am Budget virgesinn.

Här President, a mengem schrëftleche Rapport fannt Dir den Detail vun den Zuelen, wat de Compte général 2014 ugeet. Ech wëll hei just e puer Posten opzielen, déi wesentlech méi héich ware wéi am Budget 2014 virgesinn.

Op der Recettësäit sinn et folgend Posten:

- d'Recettë vun den Droits d'enregistrement ware 44 Milliounen méi héich,

- den Deel, dee Lëtzebuerg zegutt huet un den Droits de douane et d'accise iwwert d'Union économique belgo-luxembourgeoise war 53 Milliounen Euro méi héich an

- d'Einname aus der Taxe d'abonnement ware 40 Milliounen méi héich.

Op der Ausgabesäit sinn et folgend Posten:

- 83 Milliounen Euro ginn zousätzlech 2014 an d'Fonds de réserve an

- d'Transferte vun der Sécurité sociale si 50,7 Milliounen méi héich wéi virgesinn.

Wat d'Presentatioun vum Budget no der europäescher Method ugeet, déi sougenannt „SEC 2010-Presentatioun“, do huet d'Kommissioun leider misse feststellen, dass dës Zuelen och dem Compte général vum 2014 net bäileien. Dobäi hat d'Budgetskontrollkommissioun am Kader vum Kont 2010 genee dës Presenta-





tioun gefrot. Dës Presentatioun ass déi lescht zwee Joren net méi matgemaach gi vun der Regierung.

An der Sitzung vum 2. November huet d'Cour des Comptes der Budgetskontrollkommissioun hiren Avis iwwert d'Statskonte vun 2014 virgestallt. Wat d'Situatioun vun de Spezialfonge vum Stat ugeet, esou stellt d'Cour des Comptes fest, dass d'Avoire vun dese Fongen am Joer 2014 ëm 100 Milliounen Euro zrëckgaange sinn. Dat si 6,21% vum Total vun den Avoire vun de Spezialfongen.

Wat de Budget pour ordre ugeet, also déi Gelder, déi de Stat anzitt fir weiderzeleeden, weist d'Cour des Comptes drop hin, dass dëst Joer den Déséquilibre bei 15,7 Milliounen Euro läit. Och dëst Joer huet d'Cour des Comptes erëm e Contrôle gemaach vun de Rémunératiounen vun de Leit, déi beim Stat schaffen. An dësem Kader goufen 2.665 Dossiere kontrolléiert an et goufen 231 Onregelméissegkeete festgestallt.

An hirer Sitzung vum 7. Dezember 2015 huet d'Budgetskontrollkommissioun sech mam Statsrot sengem Avis auseneegesat. De Statsrot stellt fest, dass d'Presentatioun vum Statskont 2014 nëmmen op der Basis vum Gesetz vun 1999 iwwert d'Statskontabilitéit gemaach gouf an net op der Basis vum SEC 2010. De Statsrot freet, dass dës Presentatioun och an Zukunft soll gemaach ginn.

Des Weideren huet de Statsrot e puer Observatiounen d'ordre légistique gemaach, dat heescht, et sinn e puer kleng Feeler am Text verbessert ginn. De Statsrot huet och den Accord ginn, fir e gréissere Feeler am Projet de loi ze verbesseren, well hei stoung fälschlecherweis, dass am Budget pour ordre en „excédent de dépenses“ wier, an et ass a Wierklechkeet en „excédent de recettes“ vun 18,5 Milliounen Euro.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt nach kuerz op verschidde Recommandatiounen vun der Budgetskontrollkommissioun agoen. Am Kader vun der Reform vun der Budgetsprozedur insistéiert d'Kommissioun nach eng kéier drop, dass si sech och muss eng nei Prozedur ginn, fir hir Kontroll vun der Exekutioun vum Budget ze maachen. Des Weidere freet d'Budgetskontrollkommissioun, dass bei de Statskonte vun 2015 och de Spuerpak muss berücksichtegt ginn. An d'Budgetskontrollkommissioun freet nach eng kéier, dass an Zukunft d'Konten erëm no der Method SEC 2010 presentéiert ginn.

Ofschléissend soen ech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun zum Statskont vum Exercice 2014.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Adehm. Gëtt et Wuertmeldungen zu de Konten?

(**Négation**)

Vun der Regierung och keng Wuertmeldung?

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Jo, ech géif gär just e puer Wuert soen. Kann ech dat vun hei aus maachen oder soll ech eropkommen?

(**Interruptions**)

► **Une voix.** - Dat ass, wéi Dir wëllt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dir dierft dat vun do maachen.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Neen, ech géif gär der Rapportrice Merci soe fir déi Aarbecht, déi do geleescht ginn ass. Ech wëll ënnersträichen, well vill iwwer Zifferen geschwat ginn ass an der Diskussioun virdrun, dass mer jo hei Konten approuvéieren, déi op 1% prezis si vun deem, wat virgesi war, dat ass ganz selten de Fall.

Dat Zweet ass, dass mer besser ofgeschnidden hu wéi virgesinn, um Endresultat, ëm 17% besser. Wéi gesot, d'Recetten, déi sinn ëm 0,69% méi héich gewiescht wéi virgesinn, an d'Dépenses 0,33% méi héich wéi virgesinn. Also ech fannen, dat ass e realistesch, e reelle Budget!

Ech hunn natierlech Notiz geholl vun deenen Demandé vun der Comexbu an ech wäert alles maachen, fir deene Saachen nozekommen. Ech fannen näamlech och, dass mer missten déi Zifferen no SEC 2010 eraschécken a wäert um administrative Plang dat Néidegt dofir maachen.

An ech hu mer och Är aner Remarquen zu Häerz geholl an, wéi gesot, ech freeë mech, dass déi Konte vun 2014 esou no leie bei dem Budget, deen annoncéiert war.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Finanzminister. A mir géifen dann elo direkt zur Ofstëmmung iwwert d'Statskonten 2014 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6838 et dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An de Vott ass elo ofgeschloss.

D'Statskonte si mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Martine Mergen), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(**Assentiment**)

Merci villmools. Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer zu dem Rapport iwwert d'Konte vun der Médiatrice. An do huet d'Wuert d'Presidentin vun der Comexbu, d'Madamm Diane Adehm.

#### 4. Résolution concernant les comptes de l'exercice 2014 du Médiateur

**Exposé**

► **Mme Diane Adehm (CSV), auteure.** - Jo, Merci, Här President. Mir hunn an der Kommissioun iwwert d'Konte vun der Médiatrice diskutéiert, oder éischter iwwert de Rapport vum Réviseur. A mir hunn an der Kommissioun och eng Resolutioun ugehall, déi Folgendes virgesäit: «La Chambre des Députés, vu le rapport du réviseur des comptes du Médiateur qui estime que „À notre avis, le tableau de synthèse du compte du Secrétariat du Médiateur du Grand-Duché de Luxembourg pour l'exercice 2014 a été établi, dans tous leurs (sic) aspects significatifs, conformément au règlement financier et comptable intérieur du Secrétariat du Médiateur du Grand-Duché de Luxembourg”, fait siennes les conclusions du réviseur des comptes du Médiateur et approuve les comptes de l'exercice 2014 du Médiateur.»

Dës Resolutioun ass, wéi gesot, an der Comexbu ugehall ginn, mat enger Majoritéit vu 6 Stëmmen derfir a 5 Stëmmen dergéint.

**Résolution**

*La Chambre des Députés,*

*- vu le rapport du réviseur des comptes du Médiateur qui estime que «À notre avis, le tableau de synthèse du compte du Secrétariat du Médiateur du Grand-Duché de Luxembourg pour l'exercice 2014 a été établi, dans tous leurs (sic) aspects significatifs, conformément au règlement financier et comptable intérieur du Secrétariat du Médiateur du Grand-Duché de Luxembourg»,*

*fait siennes les conclusions du réviseur des comptes du Médiateur;*

*approuve les comptes de l'exercice 2014 du Médiateur.*

(s.) Diane Adehm.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Adehm. An da géif ech Wuertmeldungen entgéinhuelen. A vu dass d'Madamm Adehm schonn hei ass, kritt se d'Wuert, dës kéier net als Rapportrice,...

► **Mme Diane Adehm (CSV).** - ...mä am Numm vun der CSV-Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Voilà!

**Discussion générale**

► **Mme Diane Adehm (CSV).** - Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV-Fraktioun wäert dës Resolutioun iwwert d'Konte vun der Médiatrice net matstëmmen, an dëst aus e puer Grënn: Am Chambersreglement steet ganz kloer, dass d'Budgetskontrollkommissioun d'Konte vun der Médiatrice kucke soll an dass si dobäi ka vun engem Réviseur assistéiert ginn. De Réviseur huet bis elo ëmmer eng Synthesen vun de Konte vun der Médiatrice gemaach an de komplette Journal de caisse vun der Médiatrice un de Rapport drugehaangen. Dëst war dëst Joer net de Fall. Mir hu kee Journal de caisse vun der Médiatrice gesinn.

De Règlement financier et comptable intérieur vun der Médiatrice gesäit vir, dass d'Einnahmen an d'Ausgabe vun der Médiatrice an engem Journal de caisse sollen a chronologescher Reiefolg ageschriwwen ginn.

Erlaabt mer, dass ech ganz kuerz dese Règlement financier vun der Médiatrice zitieren, hei steet ganz kloer dran: «Les recettes et les dépenses sont inscrites dans un journal regroupant les mouvements de trésorerie de façon chronologique.» A weider steet ënnen: «À la clôture définitive de l'exercice, un compte sera établi par le Médiateur qui regroupe les totaux des articles budgétaires.»

D'Budgetskontrollkommissioun huet also kee Journal de caisse vun der Médiatrice gesinn, contrairement zu deem, wéi et déi Jore virdrun ëmmer de Fall war.

Den zweete Grond, firwat dass mir dat heiten net matstëmmen, ass folgendes: Am Gesetz vum 30. Oktober 1915 iwwert d'Sociétés commerciales steet am Artikel 141, dass, wann eng Gesellschaft en liquidation ass, si dat op all hiren offiziellen Dokumenter muss ugin. An eise Fall ass de Réviseur d'entreprises vun der Médiatrice an der Liquidation, mä hien huet dat net a sengem Rapport ugin. Et ass och nogefrot ginn, et ass awer keng Rektifikatioun ginn. Also ass an eisen Aen och de Rapport vum Réviseur net ganz richtig.

Aus dese Grënn kann d'CSV-Fraktioun d'Konte vun der Médiatrice net matstëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Adehm. Weider Wuertmeldungen dozou? Den Här Gibéryen, wann ech géif.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, ech ka mech nëmmen de Wieder vun der Kollegin Diane Adehm hei uschléissen, dass et am Fong fir d'Éischt ass, dass mer hei an der Chamber eng Resolutioun stëmmen, wou eng Décharge gi gëtt fir eng Kontabilitéit vun dem Médiateur, wou der Chamber net alleguer déi Pièce virleien, wéi se am Gesetz virgesinn a virgeschriwwen sinn.

Et ass dat jo net eng Schold vun der Chamber! A wéi mer an der Comexbu driwwer geschwat hunn, do hat ech am Fong eng Propos gemaach, wou ech gemengt hunn, déi misst och eng Majoritéit kënnen matdroen, dass ech gesot hunn: „Ma kommt, mir huelen dee Punkt hei vum Ordre du jour erof!“ Dat wier jo kee Problem gewiescht. De President hätt den Dëschdeg bei der Deklaratioun vum Ordre du jour gesot: „Mir huelen dee Punkt erof“, et wier keng Diskussioun heibanne ginn, an dann hätte mer am Januar - nodeems jo och de Bureau noutgedrongen, well eben dee Réviseur en liquidation ass, souwisou muss en neie Réviseur bestëmmen -, dann hätte mer am Januar Zäit gehat, fir datt vun der Mediateursäit déi néideg Pièce komm wieren. Mir hätten och e Rapport kritt, dee konform zum Gesetz gewiescht wier, an da wier dat Ganz hei eben am Januar iwwert d'Bün gaangen ouni déi Diskussioun, déi hei awer elo muss gefouert ginn.

Ech bedauern, dass d'Majoritéit déi Proposition net ugehall huet an da léiwer haut hei an d'Plénière kennt an dann hei enger Resolutioun zoustëmmt, wëssend, dass mer am Fong do als Parlament eppes maachen, oder déi, déi där Resolutioun zoustëmmen, eppes maachen, wat net konform zum Gesetz ass! Well hei gëtt am Fong dann eng Majoritéit d'Décharge, ouni datt se a Präsenz vun deene Piëcen ass, déi se misst hunn, déi am Gesetz stinn, fir kënnen déi Décharge ze ginn. Dat ass also ënnert der Responsabilitéit vun der Majoritéit, wa se dat dote mécht.

Ech mengen, mir haten eng Ouverture gemaach, wou ech net verstanen hunn, firwat datt esou hartnäckeg gesot gëtt: „Mir baatschen dat doten elo dës Woch duert, och wann déi Piëcen net do sinn.“ Ech hätt gemengt, hei hätt de klore Mënscheverstand kënnen spillen, fir eng propper Solutioun ze maachen. Et wier iwwerhaupt keng Diskussioun heibanne ginn a mir hätten hei als Parlament dat gemaach, wat mer am Fong musse maa-

chen: Mir hätten eis un eis eege Gesetzer, déi mer gestëmmt hunn, gehalen, amplaz datt elo eng Majoritéit higeet an hei e Vott hält, dee contraire zu eiser Gesetzgebung ass!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Gibéryen. Gëtt et weider Wuertmeldungen?

► **Une voix.** - Keen, dee sech traut.

(**Brouhaha**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dat ass net de Fall. Ech wollt just vläicht informatiounshalber derbäisoen, dass de Wuertlaut, deen hei an der Resolutioun zrëckbehale ginn ass, deen ass, deen den Auditeur (veuillez lire: Réviseur), deen déi Problemer huet, wou d'Madamm Rapportrice richtig gesot huet, der Chamber matgedeelt huet. Also de Réviseur huet festgehalten, dass de Kont, wéi et an der Resolutioun heescht: «...a été établi dans tous leurs (sic) aspects significatifs conformément au règlement financier et comptable intérieur du Secrétariat du Médiateur du Grand-Duché de Luxembourg.»

(**Brouhaha**)

Just fir ze soen, wat de Réviseur der Chamber matgedeelt huet. Voilà!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Mä nach muss d'Chamber sech un hir eege Reglementer halen!

► **Une voix.** - Jo!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Voilà, ech ginn...

(**Interruption par M. Gast Gibéryen**)

Ech ginn den Dossier selbstverständlech an d'Hänn vun der Chamber.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här President?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Bei allem Respekt vis-à-vis vun Ärer Fonctioun, et ass net um President, fir sech hei an en Débat anzemëschen! Wann de President sech gären...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Den...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Entschëllegt, wann de President sech gären an en Débat amëscht, deen um Ordre du jour steet, da kennt en erof an de Sitzungssall setzen an e freet sech d'Wuert an da geet en op d'Riednerpult. Mä e President huet sech net an en Débat anzemëschen! Et huet kee vun der Majoritéit d'Wuert gefrot gehat heizou.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dann ass et och net um President, fir hei Erklärungen ze ginn. Dat ass un den Deputéierten an net um President.

(**Interruptions**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech huelen dat ganz gär zur Kenntnis. De President huet sech hei net an den Débat agemëscht.

(**Exclamations**)

An der Missioun vum President heescht et och, dass de President op de Punkt zrëckkennt, an de Punkt ass d'Resolutioun. An d'Resolutioun huet als Basis d'Konklusioun vum Réviseur. Also huet de President hei net gesot, wat d'Chamber soll stëmmen,...

(**Brouhaha**)

...well d'Madamm Rapportrice...

(**Interruptions**)

...d'Madamm Rapportrice huet eigentlech genee datselwecht gesot wéi de President elo. D'Madamm Rapportrice huet déiselwecht Onofhängegkeet wéi de President, well se dat ermëgëtt, wat an der Resolutioun steet.

► **Une voix.** - Oh, wat ass dat do dann...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Et je me remets aux mains de la Chambre! Wann ech gelift! Voilà, an ech géif elo...

(**Interruptions par M. Michel Wolter**)

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Mä nach mécht d'Chamber hei eppes, wat net konform zu hirem Reglement ass!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - ...déi Resolutioun zur Ofstëmmung bréngen.

**Vote sur la résolution**

De Vott ass lancéiert. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resolutioun ass mat 30 Stëmmen, bei 29 Nee-Stëmmen...

(**Exclamations**)

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Et ass keng Majoritéit! Dat ass keng Majoritéit.